2021/22 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

Titre : Photographie noir/blanc

Titulaire(s) du cours : Sarah Sonnetti
Classes, jours et horaires : classes de vendredi de 12h35 à 14h20
Salle : Labo
Nombre maximal d'élèves : 8

Finalités et objectifs de l'option

« Vum Motiv iwwert de Film zur Foto »

Dëse Cours wëll de Schüler an di faszinéierend Welt vun der **analoger Schwaarz-Wäiss Fotografie** aféieren.
An eiser schnellllieweger digitaler Welt erlieft di klassesch analog Fotografie en neien Opschwong. Analog ze fotograféiere bedeit, sech Zäit huele fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotograféieren an och beim Entwéckelen vun dëse Fotoen an der Dunkelkammer.

Programmme

1. Theorie a Praxis
No enger kuerzer theoretescher Aféierung an d'Geschicht vun der Fotografie, léiert de Schüler de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schäerft, Déiwteschäerft, déi verschidden Objektiver, asw.)
Dono gi schwaarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotograféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwëckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun dësem och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

2. Deen artisteschen Deel
Niewend dem technesche Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi maachen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Fotoen?

3. Dat allgemengt Interesse un der Fotografie
Dëst soll och beim Schüler gefördert ginn andeems mer Ausstellunge kucke ginn, Fotografe kenneléieren, Zäitschrëften a Bicher iwwer Fotografie liesen, Concours matmaachen, asw.

Méthodologie, déroulement

De Cours riicht sech un **all** 2e a 1res Schüler, déi Spaass an Interesse un der Fotografie hunn, gewëllt sinn hir eege Kreativitéit erauszefuerderen, gären konzentréiert an autonom schaffen an enger Atelierambiance.
Dëse Cours ass haaptsächlech praktesch orientéiert no der Method **Learning by doing**.

Public cible

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen ass et sécher e Plus, Kenntnisser an der analoger Fotografie ze hunn.

Equipement requis

Fotospabeier, Entwéckler a Fixateur